# Discours Débat public 30.1.2019 Pétition n° 1069 tabagisme

Här Chamberpresident,
Här Gesondheetsminister,
Madame Presidentin vun der Petitiounskommissioun,
Här President vun der Santéskommissioun,
Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert,
Léif Leit,

## 1. ***Aleedung***

Erlaabt mer, Iech fir d'alleréischt meng **Copetitionnairë** virzestellen: Den Här Alain Kieffer, Ëmwelt-Ingenieur, aktive Kompetitiounssportler a geleeëntlechen Zigaregenéisser (mir sinn also **keng Gesondheetsayatollahen**) an den Här Pascal Zeihen, Mathematiker a Papp vun **Zwillingen**, vun deenen een **d'Passivfëmme** ganz schlecht verdréit. Eis Petitioun ass ausserdem eng reng **Privatinitiativ**, et stécht **keng Federatioun** weder finanziell nach organisationell dohanner, mir sinn also den **David** am Match **géint** de **Goliath**.

Wourëm geet et eis? Wat mir verlaangen, ass, dass dat, wat *bannen* an de Restaurante gëllt, och *baussen* op den Terrasse gëllt, nämlech, dass **do, wou giess gëtt, net gefëmmt gëtt**, net méi, an net manner.

Nee, et ass *keng* Petitioun géint d'Fëmmerten, mee **géint *d'Fëmmen*** – an *nach* nëmmen an enger bestëmmter Situatioun! –, et ass keng Verdäiwelung, keng Hexejuegd a keng Stigmatiséierung vun de Fëmmerten!

Et geet net drëms, *d'Fëmmerten* vun den Terrassen ze verdreiwen, och emol net d'Zigaretten: Si kënne roueg dohi kommen, och *mat* der Zigarett, et geet just drëms, dass se déi net do *ufänken*.

Fir **respektvoll Fëmmerten** ännert dat och näischt! **Sech hiewen a sech e puer Meter deplacéiere** fir ze fëmmen, méi gëtt net verlaangt, a vill Fëmmerte maachen dat och *haut* scho vu *sech* aus, an all deene kënne mer just soen: Chapeau!

## 2. ***Frësch Otemloft!***

Wat mir verlaangen, ass e Recht op **frësch a gesond Otemloft**, net méi, an net manner! Deem enge seng **Fräiheet** hält nun eben do op, wou deem anere seng ufänkt.

Lo héieren ech da wuel: Vu wege gesond Otemloft!

Jo, et gëtt *wuel* Terrassen nieft vill befuerene **Stroossen**. Jo, do zitt ee sech **d'Ofgasen** eran, mol méi, mol manner. Ass dat dofir *wierklech* e Grond, fir nieft den Ofgasen *och* nach den Zigarettendamp als Zugab derbäi ze kréien?

Ausserdem: Géint d'Ofgase kämpfe mer ëmmer méi, z. B. mat **Dieselverbueter**. Ma da kommt a mir maachen dat och mam Tubak op den Terrassen. [Déi lescht Moossnam géint d'Fëmme beim *Iessen* geet op 2006 zréck, déi lescht beim Automobil – d'EURO 6-Norm – op 2015.]

An deem Sënn: Ass et normal, wann ech am Summer op eng Restaurantsterrass kommen, dass den **Äschebecher** d'office schonn um Dësch steet, ier *ech* iwwerhaapt do sinn, och wann ech net fëmmen? Ass dat *wierklech* de Message, deen d'Horesca eis vehiculéiere wëllt... – "*ouni Äschebecher gëtt et hei näischt!*"?

Lo ass et esou, dass et ouni den **Auto** fir eng ganz Partie Deplacementer hei am Land einfach net geet, den Auto also oft eng ***Noutwendegkeet*** ass. *Dat* ass den Tubak awer definitiv *net*.

Au contraire: Do, wou anerer iessen, **kann an däerf et net sinn, dass deenen engen hire Plaiséier ze fëmmen an deenen aneren hier Keess *iwwert* der Gesondheet steet** vun deem, deen niewendrun ësst. An all Fëmmert *weess*, wéi schiedlech et ass. Mir krute virgeworf, de Plaiséier ze diskriminéieren. An d'Diskriminatioun vun der Gesondheet?

## 3. ***Gesondheet!***

Lo héieren ech da wuel: Vu wege Gesondheet!

Jo, et stëmmt, et gëtt nieft dem Tubak nach ganz aner Facteuren, déi sech negativ op d'Gesondheet auswierken, an deelweis och grad a Restauranten, egal ob bannen oder baussen: **Fritten, Fett, Beweegungsmangel, Alkohol** et j'en passe!

Et gëtt awer bei all deem ***eng*** fundamental Differenz mam Fëmmen. Och wann ech duerch Alkoholkonsum en Accident provozéiere *kann*, schuede Fritten, Beweegungsmangel, a meeschtens *och* den Alkohol, just mir selwer; d'Fëmme schuet awer och dem Noper – an zwar *ëmmer*. Passiv*fëmme* gëtt et ganz wuel, *och* op der Terrass, **Passiv*drénken* a Passiv-*Fritteniessen* – dat *gëtt* et net!**

Géint den Alkohol ginn et **Kontrollen**! Wéini kommen déi géint den Tubak, do wou d'Fëmmverbuet net respektéiert gëtt?

A grad do stellt sech an eiser Gesellschaft d'Fro vun der **Hierarchiséierung vum Strofmooss**: Falschparke gëtt zu Lëtzebuerg quasi kriminaliséiert, Fëmme virun der Haapt-Entrée – a *virum* Fëmmverbuets-Schëld! – vum Ettelbrécker **Spidol**, vum CHL, asw., dat fanne mer normal, dat ass e **Kavaléiersdelikt** an de Spidolsdirektiounen esou laang ewéi breet. Dat muss ee sech op der Zong zergoen loossen: Zu Lëtzebuerg muss en **Asthmatiker** laanscht den **Tubak** goe fir bei säi **Pneumolog** ze kommen. Wéini kënnt endlech och eng **Police-Kontroll** virun eenzelne Spideeler? Idem op eenzelne Schoulcampussen, Beispill am eduPôle zu Walfer, do stinn – an der totaler Illegalitéit! – en etlech Drecksbacke mat Äschebächer erëm, bref, et ass déi **total Narrenfräiheet, wou et nëmme geet, gëtt ongenéiert gefëmmt**: an der Gare um iwwerfëllte Quai, op

Bus-Arrêten, viru Famille mat Kanner, viru Schoulen a virun der Entrée vu Spideeler!

Kann een do wierklech nach soen, wéi et alt emol iwwert d'Petitioun gesot gouf "hu mer soss keng Suergen?" Soumat verwonnert et dann och kaum, dass **Lëtzebuerg** am **Tobacco Control Scale 2016** vun der *Association of European Cancer Leagues* op der **drëttleschter Plaz an Europa lant** (ex-aequo mat Däitschland, a just virun Éisträich; dogéint si Länner ewéi **Kanada** vill méi wäit: komplett Verbuet op Terrassen an 9 m Ofstand vun Entréeë vun ëffentleche Gebaier (Lokalreglement vu Montreal), am **Uganda** esouguer 50 m, Gesetz vum 28.7.2015!).

## 4. ***Dobaussen iessen!***

Lo héieren ech da wuel: Dir kënnt jo dobannen iessen!

Schliesslech huet d'Gesetz vun 2006 iech de Banneraum vun all Restaurant fëmmfräi gemaach.

D'Gesetz vun 2006 hat **ni als Zil, fir d'Terrassen zu engem Reservat fir Fëmmerten ze maachen**, mee fir de Message ze vehiculéieren, dass do, wou giess gëtt, net gefëmmt gëtt, an dat soll bausse grad esou gëllen ewéi bannen.

Grad Kanner, schwanger Fraen an Asthmatiker si frou, fir mol heiansdo baussen iessen ze *kënnen*, an nach laang net all Restaurantsterrass läit un enger vill befuerener Strooss!

## 5. ***Iwwerreglementéierung?***

Wat stelle mer elo, 13 Joer méi spéit, fest? Déi vun der Horesca vill gepriese **Liberté entrepreneuriale *wierkt*** einfach **net am Sënn vun enger Autoregulatioun**. Déi Erfarung hate mer scho mat de Kaffien a Bistroe gemaach, wou déi deemoleg Regierung de Cafetieren 3 Joer Zäit ginn hat – och wann elo haut kee méi dat wëllt wëssen – fir dann ze kucken, wéivill der vu *sech* aus hiert Etablissement fëmmfräi gemaach hätten. Resultat: No 3 Joer waren dat der landeswäit ganzer 6. Du blouf der Regierung näischt anescht méi iwwreg ewéi selwer ze **reglementéieren**.

Dass dat awer an de Käpp vun enger grousser Majoritéit vu Leit ukomm ass, beweist d'Pétition 1110, déi d'Fëmmverbuet an de Kaffie wollt réckgängeg gemaach kréien an déi op grad emol 54 Ënnerschrëfte koum. An anere Wierder: wann et bis **an de Käpp ukomm** ass, gëtt et och vun de Bierger acceptéiert! De Ball läit also elo bei Iech, och wann et net am Koalitiounsaccord steet!

Et kann een do **net** vun **Iwwerreglementéierung** schwätzen. An och wa mir fest dru gleewen, dass eng Majoritéit vu Fëmmerten sech ze behuele weess, verstinn eng Rei Fëmmerte leider just **d'Sprooch vum Gesetz**.

Beispill: déi lescht Adaptatioun 2017 vum Antitubaks-Gesetz. Och mir fannen et absolutt *desolat*, dass erwuesse Leit d'Keul vum Gesetz iwwerhaapt *brauchen*, fir ze verstoen, dass een op enger **Spillplaz** oder mat **Kanner am Auto** net fëmmt [et ass ausserdem schued, dass d'Limitt dobäi Kanner ënner 12 sinn, grad ewéi wann den Tubak engem Kand vun 13 Joer géif gutt doen, do hätt eist Parlament och roueg iwwert d'EU-Direktiv erausgoe kënnen!]. Eleng di Tatsaach, dass Dir dat Gesetz gestëmmt hutt, beweist awer schonn, dass et – leider! – **bluttnoutwendeg** ass an dass esouwuel de **Respekt vun existente Gesetzer besser kontrolléiert muss ginn ewéi och ëmmer nees neier mussen derbäikommen**, fir dass et endlech an de Käpp vun enger Partie onverbesserleche Fëmmerten ukënnt.

Oder Fro zréck: **Kann een de gesonde Mënscheverstand de Stroosseverkéier reegele loossen?** Hei ass et d'selwecht: Loosse mer dat zou, da lande mer an der **loi de la jungle**! Ouni weider Reglementéierunge geet et leider net.

## 6. ***Gesellschaftlech Akzeptanz an Educatioun***

Et ass och eng Saach vu Manéieren a vun Erzéiung!

A wann et tëscht Fëmmerten an Net-Fëmmerte bis well goung, da just, well d'Net-Fëmmerte jorzéngtelaang de Kapp duergehal hunn, d'éischt am Restaurant, dono am Café an elo nach ëmmer op den Terrassen. Eng Rei Fëmmerte verstinn ebe just eng Sprooch: de Verbuet! Déi sougenannten **Toleranz** war bis dato meeschtens nëmmen **unidirektionell**, wëll soen, dass d'Net-Fëmmerten d'Fëmmerten hu mussen toleréieren.

Et héiert een dann alt emol dee scheinbar onschëllege Saz "**Et stéiert Iech JO net, wann ech eng ufänken?**", tëscht den Zeilen heescht dat awer "Du hues jo elo wuel net de Culot, ze soen, et géif dech stéieren?". Eleng d'Selbstverständlechkeet vun där Fro ass scho krass u sech. Wat géife mer wuel engem äntweren, deen eis géing froen: "Et stéiert Iech jo net, wann ech Iech e bësse **Glyphosat** an d'Gesiicht sprutzen?"

Et geet also och drëms, der Zigarett hir **Salonfähegkeet** ze **huelen**, se ze **ent-normaliséieren**, ze **ent-banaliséieren**, ze **ent-bagatelliséieren**, mir brauchen en **Ëmdenken** a Saache Gesondheet, well et geet hei ëm en **Impératif de santé publique**. "**Rück-Sicht**" däerf keen eidelt Wuert méi sinn, esou wéi bei enger Szen op enger Terrass, wou 3 Hären, ouni ëmzekucken, hiren Zigarettendamp riicht op eng Famill mat 2 Kanner gekéiert hunn, oder bei enger Szen an engem Restaurant um Land, wou **zwou eeler Damme vun ausgangs 60** ausfälleg gi sinn wéi ech diskret gefrot hat, dass déi eng, déi gefëmmt hat, sollt domat ophalen. Äntwert: "Elo fëmmen ech eréischt grad!". Esou eng **Trotz-Reaktioun** hätt ech mer **vun engem pubertéierenden Teenie** erwaart, net awer vun enger zumindest um Pabeier erwuessener Fra.

An och do, wou et well verbuet ass, gëtt ëmmer nees probéiert, **d'Verbuet mat alle méigleche faulen Argumenter ze ëmgoen**, an dat am beschte mat enger vun der Tubak-Industrie virdiktéierter Pseudo-Coolheet. Esou z. B. owes um

Schoulcampus, wa Leit an **d'Owescoursë** ginn, an et stéiert ee se beim Fëmmen, da gëtt ee gefrot, **ob dat dann och owes géif gëllen**. Fro zréck: Gëllen **d'rout Luuchten am Verkéier och owes net méi**?

Zréck op d'Terrassen: Et ass **EGOISMUS PUR**, an eng vun den inexcusabelste Forme vun Egoismus, wa **Plaiséier a Profit iwwert d'Gesondheet, eist allerhéchste Gutt, vun de Vulnerabelste** vun eis gesat ginn, nämlech de Kanner, de schwangere Fraen an de Kranken: si si *grad* frou, fir *och* emol *kënnen* dobaussen an der frëscher Loft ze sëtzen an iessen!

---

## 7. ***Ëmdenken och bei der Horesca!***

Mir versti ganz wuel **d'Suerge vum klenge Restaurateur am Norde** vum Land, dee Problemer huet, um Enn vum Mount iwwert d'Ronnen ze kommen. An der **Stad an Emgéigend** ass dat wuel liicht anescht, wann Dir de Weekend net reservéiert hutt, sinn der ganz vill "*complets*".

Eist Zil ass et net, fir d'Horesca ze demontéieren, au contraire wëlle mer kloer soen, dass mir hei am Land eng **exzellent Restauratioun** hunn an esouguer eng vun de gréisste Konzentratiounen op klengstem Raum vu Stärerestauranten.

Mir hunn éischter den Androck, dass d'Horesca sech mat hirer Géigepetitioun selwer demontéiert. Ass dat wierklech d'Image de marque, déi se vu sech ofgi wëllt? Et kann een dach net am Eescht als Associatioun d'Recht akloen, dass déi eege Clienten **Tubaksdamp riicht an d'Gesiicht** gekéiert kréien!

Wëlle mer wierklech am Stäre-Restaurant e **Filet de St.-Pierre dans sa sauce truffée de nicotine**? Oder en deieren **Homard**, deen no **Maryland** schmaacht?

Donieft muss ee sech awer domat offannen, dass trotz allem **80 % vun der Bevölkerung NET fëmmen** an dass d'Kanner vun haut d'Cliente vu mar sinn! Et geet eis net drëms, fir der Horesca an hire Geschäftsmodell eranzeschwätzen, mee si wier gutt beroden, heiansdo **nei Weeër ze goen** an z.B. nei Clienten net méi bei de Fëmmerten ze sichen, mee eng **Familljeclientèle** opzebauen. Och an anere Secteuren huet mussen **ëmgeduecht** ginn: An der Vente, wéi den Online-Handel koum, bei der Press wéi den Internet opkoum, idem bei Reesagencen, der Post asw., oder och an der Schoul mat den iPad-Klassen. Et bréngt näischt, krampfhaft ze maachen, ewéi wann, wéi et an der Géigepetitioun steet, "les terrasses sont encore le seul endroit où le commerce fonctionne". Da misste jo all eis Restauranten am Wanter zou sinn! Wann de Mo knoutert, da *kënnt* de Client – och ouni Zigarett –, well um Internet kritt en de Mo net voll.

Deelweis huet d'Horesca de Problem erkannt: Am Magazine officiel de l'Horesca n° 08/2018 p. 38 gëtt eist Uleies als « **cause noble** » bezeechent.

Mir wëllen elo net onfair sinn, mee mir gesinn an der Horesca hirer Petitioun eben déi Noblesse feelen.

A kengem aneren europäesche Land, schreift d'Horesca do weider, géif et esou ee Verbuet ginn. Kënne mir net mol eng Kéier **Virreider** sinn, esou ewéi elo mam Gratis-Transport, och **am Sënn vun der Ëmwelt**?

Et kann net sinn, dass de Profit iwwert der Gesondheet vum eegene Client steet. Esou eppes ass moralesch verwerflech.

Dann heescht et, de Client géif de Restaurateur awer oft net dono froen, fir op enger fëmmfräier Terrass ze sëtzen. **Fir et net op eng offen Ausenanersetzung oder op d'Loi de la jungle ukommen ze loossen**, gëtt et leider **just de Wee vun der Reglementéierung**!

## [8. ***"Coût social" vum Tubak***]

Lo héieren ech da wuel: Kommt, mir loossen déi Leit dach endlech a Rou, schliesslech bezuele si scho genuch **Steieren um Tubak**!

Ass dat e Grond, fir deenen anere Leit hir Gesondheet op d'Spill ze setzen?

Donieft ass dat awer nun definitiv **politesch a finanziell Kuerzsiicht**: déi 700 Millioune Steieren [500 dovunner Accisen, plus TVA], déi den Tubak erabréngt stinn am krasse Géigesaz zum sougenannte Coût social sanitaire!

[Och wann d'**CNS** kee Lien mécht tëscht enger Krankheet an dem Tubakkonsum a wann et schwéier ass, eng realistesch **Evaluatioun** vun eben deem Coût social ze maachen (cf. Artikel aus dem Monde "La délicate évaluation du « coût social » du tabac" :

https://www.lemonde.fr/les-decodeurs/article/2014/09/27/la-delicate-evaluation-du-cout-social-du-tabac_4495243_4355770.html),

esou schätzt d'OMS *eleng* d'Gesondheetsausgaben op 6,5 % am internationale Schnëtt:

http://www.lessentiel.lu/fr/luxembourg/story/1-000-deces-et-un-cout-de-130-millions-pour-le-tabac-25783021?redirect=mobi ]

Domat geet et awer nach laang net duer: **Zigarettestëmp** iwwerall,

(30 % vum **Littering** sinn Zigarettestëmp, **net biodegradabel** ausserdem!, an de Protokoll vun 49 € laut RGD vum 18. 12. 2015 gëtt ze soen ni applizéiert;

Mégots : empreinte environnementale (footprint, **Foussofdrock**) vu 84 Mt eq $CO_2$! = Footprint vu ganze Länner!, laut Imperial College London fir d'OMS: *An assessment of tobacco's global environmental footprint*, publ. 2018 (Referenzjoer: 2014), p. 32, p. 44)

**Aarbechtsausfäll** a **Fleegefäll** bei Fëmmerten, all dat **kascht d'Allgemengheet méi wéi e Fëmmert an sengem ganze Liewen un Tubakssteier erabrëngt**.

# 9. ***Doudesfäll duerch Passivfëmmen a Kriibs***

Lo héieren ech da wuel: Liewen a liewe loossen!

Wat gelift? Fëmmen géing stoe fir **Liewen**?

E belscht Fuerscherteam huet **d'Feinpartikelen** duerch den Tubak op enger **Terrass** gemooss a festgestallt, dass se bei **100.000 pro cm$^3$** louchen [cf. mesures particules reportage http://m.rtl.be/videos/673178 vum 7.6.2018], wa grad gefëmmt gouf. **Do ka keen Diesel mathalen!**

Laut enger Studie (first in-depth study on outdoor air quality) vun der Uni Stanford (vum 2.5.2007, https://news.stanford.edu/news/2007/may9/smoking-050907.html) ass den Impakt vum Fëmme baussen absolutt identesch mam Inneraum bis zu enger **Distanz** bausse vun 18 Inches, dat ass en halwe Meter, also genee déi Distanz, déi d'Dëscher op eisen Terrasse vuneneen ewech stinn. Eréischt ab 5-6 Fouss, also ab **2 Meter**, fänkt et ***un***, ofzehuelen, an dann nach nëmmen, wann een net an der Wandrichtung vum Damp sëtzt. Negligeabel ass et wuel eréischt ab 5 Meter...

Wa mer also wëllen, dass **d'Expositioun** *baussen* net méi grouss soll sinn ewéi bannen, da missten d'Restaurateuren d'Dëscher op mindestens e puer Meter vunenee stellen.

Musse mer hei wierklech widderhuelen, dass och ***Passiv*****fëmme Kriibsrisiko** bedeit? Laut OMS ginn et duerch d'Fëmme ronn **1000 Doudeger** pro Joer zu Lëtzebuerg, dovunner **bal 90 eleng duerch also net selwer verschëltent Passivfëmmen**, dat eleng ass dat 3facht vun den duerchschnëttleche Verkéiersdoudegen.

Den Doud duerch den Tubak ass **e luesen, qualvollen Doud**, dee kee gesäit, jo, et si manner schockant Biller ewéi bei Auto- oder Fliger-Accidenter, mee ass dat dofir **manner dramatesch? 90 Familien all *Joer*** zu Lëtzebuerg, déi **Leed an Trauer an der Dignitéit** erdroe musse wéinst dem Feelverhale vun aneren!

Jo, **déi Zuel 90 wierkt einfach ondramatesch**, eben och well se net mat dramatesche Biller an de Medien associéiert gëtt, **mee** fir eis et virun Aen ze féieren: Dat ass den **Equivalent vu 4,5 Fokker-Accidenter d'Joer**! Ech sinn elo hei a kengster Aart a Weis amgaang, de Fokker-Accident ze dedramatiséieren, bien au contraire!! Dat *war* an dat *ass* an dat *bleift* eng **national Tragedie**. An trotzdem. Wann 20 Doudeger mat 20 Familien am Leed – zu Recht! – eng national Tragedie duerstellen – géint déi ausserdem kee vun eis eppes maache konnt – wat sinn dann 90 Doudeger d'Joer?

Abee, géint déi doten Tragedie kënne mir – kënnt *Dir*! – *hei an elo* eppes maachen, wann der dann... de **politesche *Courage*** dofir hutt! 90 Doudeger d'Joer, jo dat ass en Drama vun deem ni geschwat gëtt. [Als Verglach: All déi Doudeg **weltwäit** duerch **Fligerkatastrophen** zesummen, dat waren der **d'lescht Joer 556 laut dem Aviation Safety Network**, 2017 esouguer nëmme **44**, also d'Halschecht vun eleng eisen Doudegen duerch Passivfëmmen!!]

Dofir: **De Respekt vun der Gesondheet vun deenen anere priméiert iwwer all aner Betruechtungen**, et ass eng Cause, déi *all* eisen Engagement erfuerdert, *all* eis Wëllenskraaft, *all* eis Mobilisatioun, *all* eis Determinatioun. [Et kann **an et däerf net sinn, dass de Plaiséier oder de Profit vun deenen engen iwwert der Gesondheet vun deenen anere steet**. Alles anescht ass inakzeptabel, inadmissibel, duerch näischt, näischt an abernäischt ze justifiéieren!]

Alles anescht, inklusiv dee sougenannte Libre choix vum Restaurateur grenzt un **Non-assistance à personne en danger**: Mir froen eis ausserdem, ob d'Tatsaach, dass d'Serveuren an de Restauranten am Summer gezwonge ginn, am Tubaksdamp ze zervéieren, iwwerhaapt mam **Droit du travail** a mat der **Protection des salariés** kompatibel ass!

**D'Gesondheet huet en absolutten an net negociable Virrang viru merkantile Kréimerséilen-Argumenter!**

Dass an deem Sënn **Reglementéierungen duerchaus eppes bréngen**, beweisen ausserdem d'Zuele vun de **Verkéiersdoudegen** nodeems **Radaren** (Kontroll vun existente Reegelen) a **weider** Vitesse-Limitatioune koumen. Resultat: vu 75 Verkéiersdoudegen (2000) koume mer erof op 25 (2017), 2018 zwar nees 35, do hu mir elo nach en **Drëttel** vu virdrun.

Beim Verkéier hu mer d'« **Vision zéro** » Verkéiersdoudeger. « All Verkéiersdoudegen ass een zevill », seet zu Recht eisen Transportminister.

Abee, dat Zil « Vision zéro » musse mer eis och hei setzen. An och hei gëllt: **Kontroll vun Existentem a weider Reegelungen (z. B. op Terrassen).**

## 10. ***<u>Schutz vum Bierger (a vun der Ëmwelt) primär Aufgab vum Rechtsstaat</u>***

Eng fundamental **Grondmissioun vum Rechtsstaat** ass, fir de **Schutz** vu senge Bierger ze suergen a seng **Sécherheet** ze **garantéieren**, dat sinn elementar Grondprinzipie vum Rechtspositivismus, déi ee beim John Locke oder am Art. 3 vun der universaler Mënscherechtsdeklaratioun rëmfënnt.

Dem Rechtsstaat seng Missioun ass et, fir **déi Vulnerabelst adequat ze schützen**, grad *dat* ënnerscheet e vun der Loi de la jungle.

Dës **Regierung** koum ënnert hirer aktueller Form just duerch d'Wahlresultat vun de **Gréngen** zustan. Wann *ee* Message vum Wieler kloer war, dann deen, dass **Ëmweltschutz** him um Häerz läit. Zum Ëmweltschutz gehéiert och eng **frësch a propper Otemloft**. Scho viru 5 Joer wollt Dir **läften**. Abee, hei ass d'Geleeënheet! Är Credibilitéit, Är Responsabilitéit sinn deemno elo *total* engagéiert, elo gi Resultater erwaart.

Léif Deputéiert, handelt, **och *géint* de Fraktiounszwang** wann et muss sinn, a wann Äert Gewëssen Iech dat seet, well Dir sidd den éischte Pouvoir, net d'Regierung!

Gitt iwwert d’Mindest-Ufuerderunge vun EU-Direktiven eraus a sidd **Virreider** a Saache **Schutz vun der Gesondheet vun deene Vulnerabelsten** ënnert eis!

Weist **politesche Courage** a maacht eng **ëmwelt- a kannerfrëndlech Gesondheetspolitik, déi deen Numm verdéngt**!